



sinn och esou Konventiounen wichteg, fir datt se kënnen a Kraaft trieden.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. A mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6833 iwwergoen.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 6833 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo direkt ofgeschloss.

60 Participatiounen, 60-mol Jo, Unanimitéit.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par Mme Diane Adehm), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

### **(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert. Merci.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Fusiounsprojet zwëschen de Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten. De Rapporteur, den honorabelen Yves Cruchten, huet d'Wuert.

## **13. 6879 - Projet de loi portant fusion des communes de Boevange-sur-Attert et de Tuntange**

### **Rapport de la Commission des Affaires intérieures**

► **M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur.**- Villmools Merci, Här President. Nodeems mer dann elo e groussen Exkurs an d'Weltpolitik gemaach hate bis op Moskau a Japan, Albanien, elo zréckkomm sinn op Bréissel, komme mer dann elo definitiv zréck an dat gutt aalt Lëtzebuerger Land, méi genee an de Weste vun eise Land, oder an den Nordweste vun eise Land. Haut stëmmen mer zwee Gesetzer, déi d'Fusioun vum insgesamt véier Gemenge betreffen.

Ufänken doe mer, wéi de President elo grad gesot huet, mat der Fusioun tëschent de Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten. Wat fir eis Deputéiert éischter no enger Formalitéit ausgesäit, ass awer fir déi betraffe Gemengen, hir Awunner, d'Gemengepersonal an och d'Loikalpolitiker e ganz wichtegen Akt. Haut gëtt souzesoen e groussen Deel vun der Aarbecht vu villen aus de leschte Joren ofgeschloss. Och wann heimadder d'Fusioun offizialiséiert gëtt, esou bleift awer och muer nach Aarbecht, fir d'Gelänge vun der Fusioun ze garantéieren.

Et ass e wichtege Schratt, deen déi zwou Gemenge maachen, e Schratt op engem Wee, dee se elo zesumme wäerte goen. Aus de Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten gëtt fir den 1. Januar 2018 d'Gemeng Helperknapp. Esou hunn et d'Gemengeréit, awer virun allem d'Bierger aus deenen zwou Gemenge bei engem Referendum décidéiert.

Op eis Gemenge kommen ëmmer méi Aufgaben duer. Mir sinn haut wäit ewech vun deenen ursprüngeleche Gemengemissiounen aus dem Dekret vu 1789, wou sech d'Gemengen nach sollet eenzeg an eleng ëm d'Propretéit, d'Salubritéit an d'Rou an hiren Dierfer këmmen. Schoul, Kannerbetreung, Natur- an Ëmweltschutz, Waasserversuergung an Offall-

entsuergung, Sport, Kultur a Fräizäit, Stroossen- a Wunnengsbau: Dat sinn haut alles Aufgaben vun de Gemengen. An där Aufgabe gëtt et der ëmmer méi, wat et schwéier mécht fir kleng Gemenge mat weeneg Akommes, dat alles ze bewällegen.

Aus deser Iwwerleeung eraus hunn d'Gemenge Béiwen an Tënten décidéiert ze fusionéieren an déi Erausfuergungen an Zukunft zesummen unzegoen. Dat ass net nëmmen e couragéierte Schratt fir d'Bierger an d'Politiker, mä et ass dee richtege Schratt. Mat ronn 3.800 Awunner ass déi Gemeng gutt opgestallt fir d'Zukunft. De Stat encouragéiert d'Gemengen zesummenzeschaffen, entweder a Syndikater oder eben, wéi hei, duerch Fusiounen. An de Stat ënnerstëtzt Fusiounen och mat engem aussergewöhnleche Subsid.

Déi nei Gemeng Helperknapp wäert esou an deenen nächsten zéng Joren eng 7,5 Milliounen Euro kréien, fir eng Rëtsch Projeten ze finanzéieren, déi fir hir Gemeng an hir Awunner gebraucht ginn. Esou soll zu Bruch e Schoul- a Sportkomplex entsto. D'Drénkwaasserversuergung soll verbessert ginn. Den historesche Site vum Helperknapp soll valoriséiert ginn. E Centre de documentation historique soll gebaut ginn an et soll och Wunraum fir den drëtten Alter entsto.

Ech wëll op deser Plaz ervirsträchen, datt d'Regierung am Joer 2010 décidéiert hat, dese Subsid fir d'Gemengen ze kieren. D'Gemenge Béiwen an Tënten waren du schon amgang mat éischte Gespréicher. Si hunn nawell décidéiert ze fusionéieren, obwuel dese Subsid fir si elo méi kleng ausfällt. Dat ënnersträicht nach eemol, datt et de Gemengen net eleng ëm d'Sue geet bei enger Fusioun, mä datt et hinnen un éischter Stëll ëm d'Wuel vun hiren Awunner geet.

Här President, als Chamberskommissioun hate mer net vill Aarbecht mat deem Projet de loi, well déi eigentlech Aarbecht, déi gouf an de Gemenge gemaach, vun de Gemengenaarbechter iwwert d'Beamten an d'Politiker bis an d'Veräiner eran, dat alles begleet vun der Cellule indépendante fusions communales an dem Innenministère mat senger Servicer. Et ass haut vläicht eng gutt Geleeënheet, all deene Merci ze soen, déi un deser Fusioun matgeschafft hunn.

An eiser Sitzung vum 4. Februar gouf de Projet de rapport fir d'Fusioun vun de Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten eestëmmege uegell. Am Numm vu menger Partei invitéieren ech lech, datselwecht och haut an der Plénière ze maachen.

Ech soen lech Merci.

### **► Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt den Här Marc Lies.

### **Discussion générale**

► **M. Marc Lies (CSV).**- Här President, Dir Damm, Dir Här, am Projet de loi 6879 geet et ëm d'Fusioun vun de Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten. Zanter dem Summer 2009 gëtt tëscht deenen zwee Gemengeréit scho konkret un deser Fusioun geschafft.

An deenen zwou Gemengen ass de Wëlle vun der Landespolitik do, fir Synergien ënnereneen ze schafen an doduerch och méi performant ze ginn, wat den Déngscht um Bierger ugeet. Déi zwee viereg Innenministere hunn an deem Sënn d'Gemenge sensibiliséiert an den Terrain préparéiert, fir d'Unzuel vun dese kënnen ze reduzéieren. Den Ufank vun deem Fusiounswëllen hunn am Joer 2006 d'Gemenge Fueren a Baastenduerf gemaach mat der heiteger Gemeng Tandel.

Déi nei Gemeng gëtt bei deser Fusioun op den Numm Helperknapp gedeelt an de Siège soll zu Tënten sinn.

Och bei deser Fusioun huet am Viraus missen Iwwerzeegungsaarbecht geleescht ginn, fir d'Bierger vun de Virdeeler ze iwwerzeegen. Net ze vergiesse sinn d'Beamten an d'Aarbechter, déi an dese Gemenge schaffen, fir hinnen d'Angscht virun deem Neien ze huelen a si positiv op eng gemeinsam Zukunft anzeschwieren.

Et bleift bei deser Fusioun ervirzehiewen, datt couragéiert Kommunalpolitiker de Bléck no vir gericht hunn an d'Allgemengwuel vun hire Bierger an de Vierdergrond gestallt hunn. Esou Décisiounen si sécherlech net einfach, well dat laang agesiesse Gewunnechten, wat de Fonctionnement ugeet, domat ännere geet.

Et ass sécherlech awer dee richtege Wee, fir senger Bierger déiselwecht Déngschtleeschungen kënnen unzebidden, wéi et an aneren, méi grouse Gemenge schon de Fall ass. Heimat wëll ech d'Leeschung vun deem Personal, dat an zwou verschiddeenen, méi kleng Strukturen geschafft huet, awer sécherlech net

schmäleren, just au contraire. Hei wor den Opwand a spezifesch Funktiounen sécherlech méi héich, wéi dat an Zukunft de Fall dierft sinn.

Ab dem Zäitpunkt, wou d'Servicer zesummegeleecht ginn, kënnen Synergie geschafft ginn an et gëtt Méiglechkeete vu Back-uppen, wat heesche wëllt, datt nach eng zweet Persoun do ass, fir eng Hand mat unzepaken. Esou kann eng Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten an och de Congésszäiten erbaigefouert ginn, wat e Motivatiounsschub fir d'Personal sollt duerstellen. De Bierger dierft ënnert deem Emstand och vun enger Erweiderung vun den Déngschtleeschungen profitéieren.

Well eng Fusioun och mat neien Investissementen an Infrastrukturen ze dinne huet, soll an deenen nächste Joren en neie Schoulkomplex zu Bruch gebaut ginn an et soll an eng Verbesserung vun de Waasserréseauen investéiert ginn. Den Helperknapp gëtt mat der Grënnung vum Centre de documentation historique valoriséiert. Mat dem Bau vun engem Foyer-logement gëtt och un d'Leit aus dem drëtten Alter geduecht.

Mat enger Awunnerzuel vun 3.776 Awunner op den 1. Januar 2015 huet déi nei Gemeng och eng speziell Hëllef vum Stat vun 2.000 Euro pro Kapp zegutt, wat e Montant vu 7.552.000 Euro ausmécht.

Ech wënschen deenen zukünfte Gemengereit, dem Gemengepersonal an natierlech deenen 3.776 Bierger vun där neier Gemeng Helperknapp eng erfollegräich a gutt Zukunft, wou d'Liewensqualitéit an déi erbruechten Déngschtleeschungen am Interessi vum Bierger sollen am Mëttelpunkt sto. Den Innenminister wëllt och encouragéieren, d'Zil vun enger moderner an effizienter Landesplanung net aus den Aen ze verléieren.

Ech soen lech heimat Merci fir Äert Nolauschteren, wëllt awer och dem Rapporteur Yves Cruchten Merci soe fir säin ausféierleche Rapport a ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Lies. D'Wuert huet elo den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn (DP).**- Här President, dës Gesetz ass déi lescht Etapp, fir dass d'Fusioun vun deenen zwou Gemenge Béiwen un der Atert an Tënten Realitéit gëtt, an déi wäerten ab dem 1. Januar 2018 dann den Numm „Commune de Helperknapp“ droen.

Fir déi Leit, déi an deem Eck net esou kënneg sinn: Den Helperknapp, dat ass den héchste Punkt vun deenen zwou Gemenge mat 393 Meter. Ganz uewen um Bierg ass d'Willibrordus-Kapell, wou dann och eng Quell entspréngt.

Um Helperknapp war fréier e grouse Maart, den Helpermaart, wou Händler vu Paräis bis dem Elsass Wueren ugebueden hunn. Säit 1989 gëllt dës al Traditioun erëm an d'Entente Helpermaart huet dës Traditioun weidergefuert.

Op Päischtméinden, dem Virowend vun der lechternacher Sprangpressessioun, ass haut nach all Joers eng Pressessioun op den Helperknapp. Weinst all deem ass den Helperknapp och zanter dem 20. Januar 1939 op der Lëscht vun de Monuments classés. Dofir fannen ech et och gutt, dass ënnert de Projeten, déi déi nei Gemeng Helperknapp wëllt realiséieren, och d'Opwärtung vum Helperknapp geplangt ass.

Här President, d'Gemenge sinn e Service de proximité fir de Bierger. An de Bierger gëtt ëmmer méi usprochsvoll, well de Bierger wëllt vun deene beschtméigleche Servicer profitéieren, an d'Gemenge sollen déi och ubidden. Dofir brauch ee selbstverständlech Moyenen. An d'Fusioun ass eng Méiglechkeet, fir dass déi Moyenen an de Gemengen an d'Luucht ginn. Eng Fusioun ass d'Geleeënheet, Synergien ze schafen, selbstverständlech do, wou Synergien och Sënn maachen. Dat reduzéiert d'Käschte fir d'Gemeng, awer erhéicht och zäitgläich d'Qualitéit an de Service um Bierger.

Regional Kooperatiounen um Gemengenniveau kënnen awer gradesou sënnavoll si wéi Fusiounen, wann dat net vum Bierger matgedroe géif ginn. Fusiounen mussen vum ënnen erop wuessen an net vun uewen erof diktiert ginn. Dofir ass d'DP fir de Prinzip vun de Gemengefusiounen, awer just verbonne mat engem Referendum. Dës Referendum hunn d'Gemengen Tënten a Béiwen un der Atert dann och zäitgläich mat den Europawahlen de 25. Mee 2014 organiséiert. Beim Referendum koun e Resultat eraus vu 64% zu Tënten a vu 70% zu Béiwen un der Atert, all Kéiers fir eng Fusioun, soudass d'Bevëlkerung an deenen zwou Gemengen daitlech hannert dem Fusiounskonzept steet.

Dës nei Gemeng wäert dann iwwer 3.800 Awunner zielen a setzt sech zesummen aus néng Uertschaften: an zwar Tënten, Aansbuerg, Bur, Huelmes, Béiwen un der Atert, Bill, Bruch, Bëschdref a Gréiweknapp.

Dës gesot, e grouse Merci un de Rapporteur, den Yves Cruchten, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. An ech géif heimat dann och den Accord gi vun der Fraktioun vun der DP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Président.- Merci och. An d'Wuert huet direkt den Här Roberto Traversini.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles gesot. Ech weess och elo genau, wou déi Uertschaften leien. Mäin Noper huet mer dat ganz gutt erkläert, uewen, do wäert vill al Kiferen an e sande Buedem. An ech mengen, net nëmmen dowéinst, mä am Fong geholl fannen ech et richteg, wann d'Gemenge sech esou zesummenminnen, datt een dat soll och hei esou unhuelen.

Dem Yves Cruchten villmools Merci fir de Rapport. An ech bréngen natierlech den Accord vun eiser Fraktioun.

### **► Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci gesot. Ech hunn elo keng weider Wuertmeldungen. Dann hätt den Innenminister d'Wuert.

### **Prise de position du Gouvernement**

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Jo, Här President, effektiv, esou wéi den Här Traversini et gesot huet, dat meescht ass gesot ginn duerch en exzellente Rapport, nach flott ergänzt duerch dat, wat den Här Hahn hei gesot huet.

Ech wëllt just zwou Saachen soen zu deem Projet an och deem, deen elo hannendrukënt. Mir sinn am Fong hei an engem Prozess, deen 2004 ugefaangen huet. Hei ass elo déi zéngt Gemengefusioun, déi mer op de Wee bréngen. Ech mengen, dass et e parteiwwergräifende Konsens gëtt, dass d'Fusiounen u sech eng gutt Saach sinn, dass mer, esou wéi et virdrun hei gesot ginn ass, méi Servicer a méi Qualitéit fir de Bierger kënnen kreéieren, méi effikass kënnen schaffen an deenen eenzelne Gemengen, Synergie kënnen maachen, och Économie d'échellé kënnen realiséieren.

Manner Delegatioun vun de Servicer un d'Gemengesyndikater, och dat ass e ganz wichtegt Element. Mir wëssen, dass ganz vill Décisiounen am Gemengesektor an de Syndikater ewell lafen, wat awer e gewëssene Problem vun Demokratie mat sech bréngt. Méi Transparenz, méi Demokratie, déi dat heiten also mat sech bréngt, déi Fusiounen. An dofir steet d'Regierung och nach wie vor hannert där Fusiounswell, déi sech am Lëtzebuerger Land entwéckelt huet. Och Synergie mam Stat an Zukunft si méiglech, an natierlech, an dat ass och gesot ginn: De Stat subventionéiert dat heite jo och mat engem ganz notabele Subsid.

Ech wëllt nach soen, dass d'Regierung an hirem Regierungsprogramm ganz kloer war, dass se de Fusiounsprozess wëllt weiderdriewen, dass de Subsidiaritätsprinzip muss respektéiert ginn, dass och de Prinzip vun der Gemengenautonomie muss respektéiert ginn an dass virun allem och muss gekuckt ginn, dass an alle Gemengen, déi wëlle fusionéieren, e Referendum ofgehele gëtt, an dass d'Regierung sech och wäert un d'Resultater vun deene Referenden halen.

Dir wësst, dass mer niewent zwee positive Referenden, oder dräi positive Referenden a verschiddeene Gemengen, déi wollte fusionéieren, och an enger Situatioun waren, wou et zu engem negativen Entschluss vun de Bierger komm ass. Deem hu mer eis och gebeugt. An déi Fusioun huet leider zu deem Moment dann och op Äis musse geluecht ginn.

Hei si mer an engem aneren Zeenario. Hei hunn d'Bierger d'Virdeeler vun der Fusioun erkannt. An dofir si mer frou, dass mer haut kënnen dese Projet presentéieren.

Et si ganz vill Mercien hei och ausgeschwat gi vis-à-vis vun deene Leit, déi un deem Projet bedeelegt waren, aus de Gemenge selbstverständlech, och d'Bierger, déi sech domat ausenanergesat hunn. Ech wëll dee Merci, wann Der erlaabt, och erweideren un déi Leit aus dem Ministère an och aus der Cellule, déi ganz vill heirunner geschafft hunn. An dofir kënnen mer dese Projet haut och zur Ofstëmmung bréngen.

Villmools Merci.

### **► Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- An dat maache mer dann och direkt!





## Vote sur l'ensemble du projet de loi 6879 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi persénelech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6879 ass mat 60 Stëmmen unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, d'Dispens ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

An da komme mer zum nächste Fusiounsprojet, d'Fusioun tëscht de Gemengen Habscht a Simmer, an deeselwechte Rapporteur Yves Cruchten huet d'Wuert.

## 14. 6880 - Projet de loi portant fusion des communes de Hobscheid et de Septfontaines

### Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Yves Cruchten** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Wa mer schonn amgaange sinn, da maache mer direkt nach eng Fusioun perfekt. An u sech kéint ech jo hei bal meng Ried vu virdru widderhuelen, mä dat géif awer de Gemengen Habscht a Simmer an och där ganzer Méi, déi sech an deenen zwou Gemenge gemaach gouf an deene leschte Joren, net gerecht ginn. Dofir probéieren ech, meng Ried och e bëssen ofzewisselen.

D'Gemeng Habscht, mat den Uertschaften Habscht, Äischen an de Lieux-dits Gäichel an d'Kräizerbuch, zielt haut eng 3.400 Awunner. D'Gemeng Simmer, mat den Uertschaften Simmer, Simmerfarm, Simmerschmelz, Gräisch, Rued a Léisbech kënnt op gutt 800 Awunner. Zesummen zielt déi nei, fusionéiert Gemeng Habscht also eng 4.200 Awunner an ass soumadder déi drëttgréisst Gemeng aus dem Kantoun Capellen.

Aus der Iwwerleeung eraus, dat Beschit fir hir Awunner ze maachen, sinn d'Gemengeresponsabel vun Habscht a vu Simmer uneneen ergetrueden, fir ze fusionéieren. Datt een zesumme méi effizient a besser d'Erausfuerrunge vun enger Gemeng am 21. Jorhonnert ka meeschten, ass wuel dat wichtegst Argument gewiescht. Et kann ee sech och administrativ besser opstellen, méi diversifizéiert, respektiv qualitativ méi héichwäerteg Déngschter ubidden, well een d'Personal anescht asetze kann.

Allegueren d'Awunner vun eise Land hunn e Recht op vergläichbar a qualitativ gutt Gemengedéngschtleeschungen, u sech egal wou se wunnen. Elo läit et awer op der Hand, datt dat méi schwéier ze realiséieren ass an enger Gemeng mat 800 Awunner ewéi an enger Gemeng mat 5.000 Awunner oder méi. D'Fusioun ass do déi richteg Äntwert op déi Problematik.

Et ass keen einfache Schrëtt, deen déi zwou Gemenge maachen. Et ass e couragéierte Schrëtt. Mä virun allem ass et och hei dee richtige Schrëtt. Och an deenen zwou Gemenge gouf déi Fusioun vun de Gemengepolitikere gutt virebereet an esou wéi et an der Charte européenne de l'autonomie locale vun 1985 virgesinn ass, dem Wëlle vun den Awunner via Referendum ënnerebreet. Bei dësem Referendum gouf et eng breet Zoustëmmung, fir ze fusionéieren.

De Stat leet bei dëser Fusioun eng 8.300.000 Euro bäi. Et kann een d'Gemengepo-

litiker vun Habscht a vu Simmer félicitéieren, datt si sech entscheet hunn, déi Suen an noutwendeg Projete ze investéieren. Esou wäert d'Grondschoul zu Simmer ausgebaut ginn, zesumme mat enger Maison relais fir d'Kanner aus der Gemeng Simmer, de Chemin repris 106, deen duerch Habscht geet, gëtt erneiert an zu Äischen soll e Projet fir betreit Wunne fir den Drëttten Alter entsto. Et ginn also keng Prestigebauten oder iwwerdimensionéiert Infrastruktur gebaut, mä et si wichteg, jo, noutwendeg Projete, déi och direkt den Awunner aus den zwou Gemengen zeguttkomme wäerten.

Mat der Ofstëmmung vun haut entsteet elo offiziell den 1. Januar 2018 déi nei Gemeng Habscht. Mat dëser Ofstëmmung ass d'Aarbecht allerdeings nach net godoen. Bis dohi mussen d'Gemengeservicer nei organiséiert ginn, d'Reglementer openeen ofgestëmmt ginn, an d'Awunner wéi och d'Veräiner mussen dës Bestriewunge begleeten.

Wann dann am Oktober 2017 en neie Gemengerot gewielt gëtt, da besteet deen aus véier Gemengeréit aus der aler Gemeng Simmer an 11 Réit aus der aler Gemeng Habscht. Bei de Wahlen drop am Joer 2023 gëtt dann eng éischte Kéier zesumme gewielt an d'Zuel vun de Gemengeréit dem Gemengegesetz no ugepasst. Bis dohinner ass nach vill ze dinn an et ass alle Concernéierten ze wënschen, datt se mat deemselwechten Engagement virufuere wéi bis elo.

Ech wëll mech jo hei net widderhuelen, mä dee Luef, deen d'Chamberskommission dem Gemengepersonal an de Gemengepolitikere bei där anerer Fusioun ausgesprach huet, dee gëllt an zielt natierlech och fir déi vu Simmer a vun Habscht.

Dee Projet de loi hei ass nëmmen ee vu ville Punkten op eise Ordre du jour vun haut, mä et ass ee ganz wichtige Ament fir d'Awunner vun deenen zwou Gemengen. An dofir ginn ech och hei d'Zoustëmmung vu menger Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci dem Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Félix Eischen.

### Discussion générale

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här President. Erlaabt mer direkt, dem honorabelen Deputéierten Yves Cruchten e grouse Merci ze soe fir säin ausféierlechen a prezise Rapport.

De Wee awer fir dës Gemengefusioun, dee war net ëmmer ganz einfach, aus Grënn, op déi ech elo op dëser Plaz awer net méi wëilt agoen, dëst och aus Respekt virun de Meenungen.

Hunn déi Käercher Bierger sengerzäit am Referendum vum Oktober 2010 géint eng Fusioun mat Simmer gestëmmt, hunn d'Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot vu Simmer sech doduerch awer dunn net demotivéiere gelooss an no engem neie Fusiounspartner gesicht an och ee fonnt. Dat war mat der Gemeng Habscht du séier de Fall. An no intensive Berodunge gouf am September 2013 de Fusiounsprojet offiziell vun deenen zwee Gemengeréit guttgeheescht. Am Mee 2014 hunn d'Bierger aus der Gemeng Simmer mat ronn 58% fir d'Fusioun gestëmmt. An doropshin huet Habscht och e Referendum gemaach, wou e gläich héicht Resultat vun och ronn 60% bal fir d'Fusioun erauskomm ass.

De Gesetzesprojet muss also haut nach an der Chamber gestëmmt ginn an dann dierfe mer eis dann, de Rapporteur huet et gesot, fir den 1. Januar 2018 op déi nei Gemeng Habscht freeën. Op weider Detailler vun dësem Projet de loi wëll ech awer elo net weider agoen, de Rapporteur huet dat jo am Detail gemaach.

Sécherlech hunn déi staatlech Finanzhëllef fir déi dräi Fusiounsprojete, den Ausbau vun der Simmer Schoul, eng Struktur fir betreit Wunnen zu Äischen an de Réaménagement vun der Haaptstrooss duerch Habscht och zum Erfolleg vum Referendum bäigedroen.

De Gesetzesprojet gesäit vir, dass Avancé vun deenen Hëllef virum Akraafttriede vun der Fusioun, also nach virum Januar 2018, kënnen ausbezuelet ginn. Ech weess, dass och scho ganz konkret un deenen dräi Projekte geschafft gëtt. Dat ass och gutt esou. Deemno kéinten déi zwou Gemenge schonn an den nächste Méint op déi versprochen Avancen zrëckgräifen an esou ouni Emprunten dës wichtige Projekte weiterféieren.

Mä dat Finanziell ass awer bei Wäitem net dat eenzegst Element. Dir wësst, vill Elementer mussen hei zesummekommen, fir dass eng Fusioun reusséiert. Virun allem muss se e gemeinsam Zil hu fir déi nei Gemeng. Doriwwer eraus gëllt et awer och, d'Bevölkerung vun den Avantagé vun där neier Fusiounsgemeng ze iwwerzeegen an och op eventuell Problemer anzegeen a gläichzäiteg eben zesumme besser Léisungen ze proposéieren.

Et ass ganz vill, wat dës fusionéiert Gemenge matenee verbënnt. Si gi matenee fusionéiert, dat ass richtig, awer do hannendru läit dat Wesentlecht, dat Eigentlecht, wat d'Fusioun jo ausmécht, wat wichteg ass a wat de primären an eigentlechen Hannergrond vun der Fusioun duerstellt: D'Zesummeliewe soll ganz einfach méi einfach ginn!

Et ass dofir, firwat d'CSV och zu de Fusiounen vun de Gemenge steet. D'Fusiounen si jo kee Selbstzweck. Si hu villméi zum Zil, eng Gemengelandschaft ze erméiglechen an opzebauen, déi am Endeffekt eng méi staark, eng méi leeschungsfäeg Gemeng mat performante Servicer eben am Interessi vum Bierger garantéiere soll.

Här President, ech sinn iwwerzeegt, dass en Deel vum Succès vun dëser Fusioun och op der Hëllef vu bause baséiert. Besonnesch am Ufank vun hiren Demarché konnten déi zwou Gemengen op d'Ennerstëtzung vun der Cellule indépendante fusions communales zrëckgräifen. Dës Cellule war ënnert dem viregten Innenminister Jean-Marie Halsdorf an d'Liewe geruff ginn, fir alle Gemengen ze hëllefen, déi un enger Fusioun interesséiert waren.

Dës Kommission hat dee grouse Virdeel, dass se fir all déi Bedeelegt indépandant war. Well hir Membere vill Erfahrung gesammelt haten, déi se bei anere Gemengefusiounen ebe schonn erageholl haten, konnte si mat enger ganzer Rei vu professionelle Rotschleier zur Säit sto. Besonnesch an der Kommunikatioun ass dat enorm wichteg, wann et drëm geet, wéi ee sech soll uleeën, wourobber een oppasse muss, wéi eng Weeër am Aarbechtsgrupp fonctionnéieren a wéi eng eben net.

Ech muss lech soen, ech fannen et eigentlech schued, dass et dës Ennerstëtzung zanter dem Summer 2015 net méi esou gëtt. Ech zweifelen awer ganz bestëmmt net drun, dass d'Beamten am Intérieur all Gemeng, déi fusionéiere wëllt, souwuel eng administrativ wéi och eng juristesche Hëllefstellung wäerte ginn.

Ech froe mech awer, ob dat eleng duergeet. D'Cellule hat näämlech och nach e bëssen en aneren Opdrag. Hir Roll war et, éischstens, d'Gemengeresponsabel fir d'Fusioun ze motivéieren, zweetens, hinnen ze hëllefen, déi éischt politesch Schrëtt an d'Weeër ze leeden, zum Beispill de richtige Fusiounspartner iwwerhaupt emol ze identifizéieren, drëttens awer och, se duerch déi verschidden Etappe vun der Fusioun ze coachen. Dat war och am Fong hir wichtigst Roll. Si konnt hinnen näämlech punktuell zur Säit sto, wann dann eventuell Schwierigkeeten entstane sinn.

Dës Zort vu Begleitung, dat hunn ech vun e puer Säiten héieren, kann awer ganz entscheidend sinn! Ech géif dofir un de Minister appelléieren ze probéieren, eventuell ënner enger anerer Form weiderhin de Gemengen esou eng Ennerstëtzung unzibidden, fir dass och an Zukunft nach eng Partie staark a gutt opgestallte Gemengen duerch Fusiounen esou kéinten entsto.

Här President, et freet mech, dass meng Nopeschgemeng dës Wee geet an domadder e gudde Strapp wiisst. Ech wënschen hinnen dobäi e ganz groussen Erfolleg!

Selbstverständlech wäert d'CSV-Fraktioun dës Projet de loi och stëmmen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. An d'Wuert huet elo direkt den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (DP).- Här President, obwuel ech et virun e puer Minutten op dëser Plaz scho gesot hunn, widderhuelen ech et awer nach eng Kéier:...

► **Une voix.** - Aah!

► **M. Max Hahn** (DP).- ...Fir d'DP ass et enorm wichteg, dass d'Fusiounen vun ënnen erop wuessen an net vun uewen erof diktiert ginn. Bei Gemengefusiounen mussen zwou Konditiounen erfëllt ginn: Dat ass zum engen, dass déi verschidde Gemengeresponsabel sech eens sinn, an zum aneren, dass d'Bevölkerung, also d'Bierger aus deenen eenzelne Gemenge sech och eens sinn an ëm hir Meinung gefrot ginn.

Deemno: Ass eng Gemengefusioun eng Selbstverständlechkeet? Neen, net wierklech. Et brauch ee kee ganz laange Verhalt ze hunn, fir ze wëssen, dass et 2012 (veuillez lire: 2010) schonn zu engem Referendum koom, wou iwwer eng méiglech Fusioun vun de Gemenge Simmer a Käerch ofgestëmmt gouf. Déi deemools geplante Fusioun vun de Gemenge Simmer a Käerch war näämlech net nëmmen de Wonsch vun de Gemengeverantwortleche vun deenen zwou Gemengen, mä och dee vun de Simmer Bierger, déi sech an engem Referendum majoritär fir dës Fusioun ausgeschat hatten.

Dass et ni zu dëser Fusioun komm ass, läit do run, dass d'Awunner aus der Gemeng Käerch mat 56% géint dës Fusioun gestëmmt hunn. Simmer mat senge knapp 800 Awunner war sech awer bewosst, dass si als kleng Gemeng et schwéier wäerten hunn, fir an Zukunft hire Bierger déi Servicer unzibidden, déi hautdesdaags verlaangt ginn. Dofir hunn déi Gemengeverantwortlech hir Beméiunge weitergefouert an hu sech nom negative Resultat aus dem Referendum iwwert d'Fusioun mat der Gemeng Käerch no engem alternative Fusiounspartner ëmgeluecht. A si sinn och mat der Gemeng Habscht fündeg ginn.

Bal 60% aus der 800 Awunner staarker Gemeng Simmer hu sech de 25. Mee 2014, also zäitgläich mat den Europawahlen, fir eng Fusioun mat der Gemeng Habscht ausgeschwat. En halleft Joer méi spët hu sech d'Awunner vun der Gemeng Habscht mat bal identeschem Resultat fir eng Fusioun ausgeschwat. D'Bierger aus deenen zwou Gemenge stinn also zu dëser Fusioun.

Här President, mat dem heitege Vott ass et vollbruecht: Et steet der Fusioun vun de Gemengen Habscht a Simmer näischt méi am Wee. D'Fusioun gëtt ab dem 1. Januar 2018 Realitéit. An d'Fusiounsgemeng wäert den Numm „Commune de Habscht“ droen an aus de fënnef Uertschaften Habscht, Äischen, Simmer, Gräisch a Rued bestoen a 4.200 Awunner zielen.

Dëst gesot, soen ech dem Rapporteur Yves Cruchten nach eng Kéier Merci, dës Kéier fir de Rapport vum Gesetz zur Fusioun vun de Gemenge Simmer an Habscht, fir säin exzellente schréfflechen a mündleche Rapport. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech gi selbstverständlech den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och dem Här Hahn. An nach en Déjà-vu!

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Här President, ech wäert mech dann och widderhuelen. Et ass alles gesot. An ech bréngen den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Exzellent!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - An den Här Gibéryen gëtt weider un den Innenminister.

### Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Hunn ech d'Wuert, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Wann Dir den Innenminister sidd, jo.

► **M. Dan Kersch**, *Ministre de l'Intérieur.* - Et gesäit emol esou aus.

### (Hilarité)

Gutt. Fir d'Éischt wëll ech emol Merci soe fir dee Vott vu virdrun, och wann dat net üblech ass. Mä et gesäit een, dass mer hei mat enger grousser Eenegkeet dës Fusiounsprozess kënne weiderdreiven. Ech hoffen, dass et bei dësem Projet net vill aneschtens wäert sinn.

Ech wëllt just da vläicht eng Zousazerkklärung ginn zu deem, wat den Här Eischen gesot huet, wat d'Cellule indépendante fusions communales ugeet. Ech mengen, et war vun Ufank un ugeduecht, wéi se kreiéiert ginn ass - an hire Kreateur sëtzt hei -, dass déi Cellule an der Zäit géif begrenzt ginn. An et war och esou, dass se zrëckgegraff huet op eng Rei vu Mataarbechter, déi souwisou och nach aner Beruffer ausüben, soudass also net d'Idi hannendrustoung, fir déi Cellule op éiweg weiterfunktionéieren ze loosse. Ech hunn awer, well ech weess, dass do eng ganz gutt Aarbecht geleescht ginn ass, soubal wéi ech dohinnerkomm sinn, de Mandat vun där Cellule verlängert bis de Juli 2014, fir dass se hir Aarbecht kéint ofschléissen.

An ech wëll och hei soen, dass se e ganz gudde Ofschlossrapport presentéiert huet, deen och fir jiddwereen aseebar ass. Et ass kee Geheimnis. Et ass keen Dokument, wat an den Tirang vum Ministère verschwonnen wär, mä dat ass en éffentlecht Dokument, wat jiddweree kann noliessen, deen dorunner interesséiert ass, zumindest d'Chamberskommission kéint dat maachen, wann Intérêt besteet.

A selbstverständlech, dat, wat Der mer mat op de Wee ginn hutt, ech mengen, dorunner schaffe mer, dass mer déi Gemengen, déi wëllen an e Fusiounsprozess treden, weiderhi wäerte gutt beroden. Ech mengen, dat lescht